3. De Bureau vun der Assemblée parlementaire de la francophonie (APF) ass den 28. an den 29. Januar 2002 zu Paräis zesummekomm. D'Chamber war vertrueden duerch den Här Jos Scheuer.

3. Retrait du rôle d'une proposition de loi

Op Ufro vun der sozialistescher Fraktioun huet d'Presidentekonferenz virgeschloen, d'Proposition de loi N° 4770 vum Här Lucien Lux iwwert d'Allocations familiales vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber domat d'acord?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Haut de Mëtteg hu mer als éischte Punkt eng Froestonn un d'Regierung.

Den Här Jeannot Krecké freet d'Wuert zum Ordre du jour.

4. Ordre du jour

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Dir kënnt lech erënneren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass ech gesot hat, déi Fro vun der Resolutioun sollte mer haut léisen. Mir haten déi Resolutioun opgelooss, fir beim franséische Parlament ze protestéiere géint déi Proposen, déi do gehale gi si vu Säite vu franséische Parlamentarier vis-à-vis vun Eluë vu Lëtzebuerg.

Den Här Fayot huet déi Resolutioun déposéiert a mir hätten déi gären diskutéiert. Ech weess, dass Kolleege gefrot hunn, fir e Verbatim dovun ze kréien. Esou wäit ech weess, hu mer elo net dee leschte Verbatim doranner fonnt. Mir sinn awer der Meenung, mir sollten déi Resolutioun diskutéieren an den Här Fayot wäert d'Argumentatioun dozou bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, mir hunn der Regierung an de Ministere gesot, dass se dënschdes mëttes sollen do sinn, fir d'Heure de questions vun dräi bis véier.

Ech géing proposéieren, dass mer elo déi Heure de questions virzéien a mir géingen direkt duerno iwwert déi Resolutioun diskutéieren. A wann den zoustännege Minister hei ass, dee sech dorop preparéiert huet, da kënnte mer och den Débat d'actualité virzéien an dann duerno d'Resolutioun diskutéieren.

M. le Président.- Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Froestonn. Als éischt hu mer d'Fro 185 vum Här Marcel Glesener un den Aarbechtsminister iwwert d'Grenzgänger.

D'Wuert huet den Här Marcel Glesener.

5. Heure de questions au Gouvernement

- Question 185 de M. Marcel Glesener relative aux travailleurs frontaliers

M. Marcel Glesener *(CSV).-* Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt un den Här Aarbechtsminister folgend Fro stellen: Op Grond vun enger Rei Deklaratiounen, déi an der Öffentlechkeet zur Kenntnis geholl gi sinn, stellt sech eraus, dass d'Zuel vun deene Leit, déi an deene leschte Wochen a Méint hir Aarbechtsplaz verléieren, ëmmer méi grouss gëtt. Et schéngt esou ze sinn, wéi wann innerhalb vun deene Leit, déi hir Aarbechtsplaz verléieren, relativ vill Grenzgänger betraff wieren.

Dofir meng Fro un den Här Aarbechtsminister: Ass dat effektiv eng Tendenz, déi sech an deene leschte Méint konkretiséiert huet, dass vill Leit, och op Grond vu Failliten, hir Aarbechtsplaz verluer hunn? Ass de Prozentsaz vun deene Leit, déi hir Aarbechtsplaz verléieren, innerhalb vun de Grenzgänger héich, wat natierlech eng ganz Rei vu Froe géif mat sech zéien, well déi Leit sech net an de Statistike vum Chômage erëmfannen?

Här Minister, wéi verhält et sech mat de genauen Zuelen? Kënnt Der doriwwer Opschloss ginn?

Doriwwer eraus stellt een eng gewëssen Tendenz hei zu Lëtzebuerg fest, dass vill Leit, déi hir Aarbechtsplaz verléieren, virun allem Grenzgänger sinn.

Dat sinn déi Froen, déi ech wollt dem Minister stellen an och eng Äntwert drop kréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Här President, et ass effektiv eng Fro, déi gestallt gouf, wéi de Chômage elo liicht, mä awer trotzdeem erëm geklommen ass, a wou mer festgestallt hunn, dass natierlech déi, déi net zu Lëtzebuerg wunnen, net an der ADEM ageschriwwe sinn.

Mir hunn awer een Instrument, wéi mer d'Grenzgänger an aner Leit, déi net zu Lëtzebuerg wunnen, kënne moossen, déi am Laf vum Mount hir Aarbechtsplaz verléieren, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, ob se zum Beispill entlooss goufen oder ob se selwer demissionéiert hunn. Dat ass dee berühmten Zertifikat E301. Dee gëtt bei der ADEM ausgestallt an dee brauche se, fir sech an d'Administration de l'Emploi vun hirem Land kënnen aschreiwen ze goen.

Déi Statistike gëtt et an déi sinn och am Rapport vum Ministère du Travail publizéiert. Wann ech déi vum Joer